WIKIPEDIA

# Montenegrinesch

Dëse **Sprochen- a Linguistikartikel** ass eréischt just eng **Skizz**. Wann Dir méi iwwer dëst Theema wësst, sidd Dir häerzlech invitéiert, aus dëse puer Sätz e richtegen Artikel ze schreiwen. Wann Dir beim Schreiwen Hëllef braucht, da luusst bis an d'FAQ eran.

| Montenegrinesch | |
|---|---|
| Geschwat a: | Montenegro<br>Kroatien, Bosnien-Herzegowina, Serbien, Kosovo an Albanien |
| Géigend: | Balkan, Südosteuropa, Zentraleuropa*[Source?]* |
| Spriecher: | 232.600 (2011) |
| Linguistesch Klassifikatioun: | ▪ Indogermanesch<br>Slawesch<br>Südslawesch<br>Westsüdslawesch<br>Serbokroatesch<br>Montenegrinesch |
| **Offiziell** | |
| Offiziell Sprooch: | Montenegro |
| Unerkannt Minoritéite-Sprooch: | Mali Iđoš (Serbien), Bosnien an Herzegowina |
| Regulatioun: | |
| **Sproochecode** | |
| ISO 639-3 | [cnr][1] |

**Montenegrinesch** (*crnogorski jezik*) ass eng südslawesch Sprooch. Se gëtt an der Verfassung vum 19. Oktober 2007 als offiziell Sprooch vum Montenegro definéiert. Wéi och Bosnesch, Kroatesch a Serbesch, staamt Montenegrinesch vum Serbokroateschen (respektiv Štokaveschen) of.

Montenegrinesch gëtt am Montenegro a laanscht d'Grenz vu sengen Nopeschlänner Kroatien, Bosnien-Herzegowina, Serbien, Kosovo an Albanien geschwat. D'Kommunikatioun mat den uewe genannte Sprooche leeft meeschtens ouni grouss Problemer.

## Alphabet

D'montenegrinesch Sprooch ka souwuel a laténgescher wéi och a kyrillescher Schrëft geschriwwe ginn. Allerdéngs dominéiert d'laténgesch Schrëft am Montenegro.

**laténgescht Alphabet**

- A B C Č Ć D Dž Đ E F G H I J K L Lj M N Nj O P R S Š Ś T U V Z Ž Ź
- a b c č ć d dž đ e f g h i j k l lj m n nj o p r s š ś t u v z ž ź

Si huet 32 Buschtawen; Lj an Nj ginn als eenzel Buschtawen ugesinn. Q, W, X an Y gi just bei Nimm aus anere Sprooche gebraucht.

**kyrillescht Alphabet**

- А Б В Г Д Ђ Е Ж З И Ј К Л Љ М Н Њ О П Р С Т Ћ У Ф Х Ц Ч Џ Ш С́ З́
- а б в г д ђ е ж з и ј к л љ м н њ о п р с т ћ у ф х ц ч џ ш с́ з́

# Um Spaweck

1. http://senat.me/medunarodni-kod-za-crnogorski-jezik-cnr/

Vun „https://lb.wikipedia.org/w/index.php?title=Montenegrinesch&oldid=2073317“

**Dës Säit gouf de(n) 15. Dezember 2017 um 21:23 Auer fir d'lescht geännert.**

Ofruffstatistik

Den Text ass disponibel ënner der Creative Commons Attribution/Share-Alike Lizenz; zousätzlech Bedingunge kënnen applicabel sinn. Kuckt Benotzungsbedingunge fir méi Detailer.